# DAT KANN DACH NET SINN!

## CABARET BATTER SÉISS

FREIDES, DEN 07. MÄERZ 2025

20:00 AUER

Al Schmelz
zu Stengefort




**Präis:**
15 €
1,50 € mat Kulturpass

**Gratis Entrée**
< 12 Joer & 12 – 26 Joer mat Schüler-/Studentekaart

Umeldung

activites.steinfort.lu
Tel.: 39 93 13 1

Commune de Steinfort

KULTURPASS

# DAT KANN DACH NET SINN!

vum Cabaret Batter Séiss


Et ass einfach verreckt, wat alles esou an onser Zäit passeiert. Net nemmen an der Politik, sief dat weltwäit, national oder och ronderem de Kierchtuerm, ginn di komeschste Geschichte gebueden. Do gett netjust geriet, et gett och gelunn, erfonnt, geflunkert, palavert a gesabbelt. A wat mei derniewent a falsch, wat d'Leit et anscheinend leiwer hunn. Dei Impressioun huet een zumindest emol a wei oft gett da gesot: "Dat kann dach net sinn!".

Och am Alldag geet et oft drenner an driwwer. An der Famill, mat de Frenn, am Verkeier, op Facebook oder am Internet, d'Lescht ass laang. Et gi Saache gemaach, gesot, behaapt, et gett gestridden, sech zermault, ee mecht deem aner Frechheeten, et gett dichteg beleidegt, gemobbt, an nach villes mei.

De neie Programm befaasst sech an eischter Linn mat Geschichten di mir all am Alldaach oft erliewen an di eis heiansdo opreegen, bereieren oder ameseieren. Driwwer laachen ass definitiv besser wei driwwer ze kräischen. Mat Texter a Lidder beschäftegt sech de Batter Seiss op seng gewinnte witzeg Aart a Weis mat desen Thematiken.

Et ass dem Ensembel säin 13. Programm, deen ennert der Regie vum Rob Wagner steet a vun den Actrice , Maryse Dondelinger a Vicky Wagner zesumme mat den Acteuren Thierry Feiereisen a Rob Wagner gespillt gett.

An d'Texter sinn all hausgemaacht.



Cabaret Batter Séiss